N°3094
Luxembourg, le 23.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.10.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Här Minister fir de Logement an den Aménagement du territoire an den Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden:

„De Projet *Jugendwunnen* huet als Zil, Jonker tëschent 18 a 26 Joer beim Iwwergang an d'Erwuesseneliewen z'ënnerstëtzen. Dës sollen d'Méiglechkeet kréien, en Zëmmer oder en Appartement zu engem abordabele Präis an enger Wunngemeinschaft ze lounen. Parallel dozou ass eng sozial a pedagogesch Begleedung virgesinn, ugepasst un déi individuell Besoine vun de concernéierte Persounen. Déi éischt Phas vun dësem *Appel à projets* gouf den 1. Juni clôturéiert.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir de Logement an den Aménagement du territoire an dem Här Minister fir d'Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- Wéi vill Acteuren hunn am Kader vun dësem Appel à projets e Projet agereecht?
- Wat sinn déi Haaptkrittären, déi bei der Bewäertung vun de Projeten a Betruecht gezu gi sinn?
- Wéi ass de generelle Feedback vun de soziale Bailleuren zu dësem Appel à projets an allgemeng zum Konzept Jugendwunnen?
- Nodeems déi éischt Phas elo ofgeschloss ass, gedenkt den Här Minister eng weider Phas ze lancéiere bei der sech d'Acteure kenne mellen? Eventuell och fir Acteuren déi an der éischter Phas déi néideg Krittären net erfëllt hunn?
- Wéi gedenkt den Här Minister méi kleng sozial Promoteuren oder lokal Acteure bei der Participatioun un esou Projeten z'ënnerstëtzen?
- Erschléisst sech aus der Evaluatioun vun den agereechte Projeten datt et Regioune gëtt, déi bis ewell net genuch Offer am Beräich vum abordabele Wunnraum – a speziell fir Jugendwunnen – opweisen?"

Mat déiwem Respekt,


Gilles BAUM
Deputéierten

Barbara AGOSTINO
Deputéiert



Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°3094 vum 23. Oktober 2025 vum éierbaren Deputéiert Gilles Baum an vun der éierbaren Deputéiert Barbara Agostino betreffend de "Projet "Jugendwunnen""**

1. **Wéi vill Acteuren hunn am Kader vun dësem Appel à projets e Projet agereecht?**

Bei dësem Appel à projets sinn 11 Projeten (158 Logementer) eragereecht ginn, dëst vun 10 verschiddenen Acteuren.

2. **Wat sinn déi Haaptkrittären, déi bei der Bewäertung vun de Projeten a Betruecht gezu gi sinn?**

Am Kader vum Appel à projets sinn sou wuel d'Objektiver vum Jugendwunnen, wéi och d'Selektiounskrittäre festgehale ginn.

D'Objektiver sinn:

- méi Jonken Zougang zu individuellem a bezuelbare Wunnraum erméiglechen ;
- Facilitatioun vun der Insertion socio-professionnelle vun de Jonken ;
- eng individuell pädagogesch Begleedung, déi et erméiglecht d'Autonomie vum Jonken ze vergréisseren ;
- Stäerkung vun Toleranz a Solidaritéit am Ëmgang mat aneren.

D'Selektiounskrittäre fir beim Appel zeréck behalen ze gi ware follgend:

- Respekt vun den Objektiver vum Appel à projets;
- Experienz vum soziale Bailleur an der Aarbecht mat Jonken;
- Garantië vu finanzieller Kontinuitéit ;
- Erfëlle vun de Konditioune vum Agrement vun den 2 Ministèren ;
- Respekt vum Cahier de charges vum Ministère du Logement ;
- Respekt vun de Konditioune vum soziale Bailleur.

All d'Demandë sinn zeréckbehale ginn a gi vun den zwee Ministèrë begleet bis zu hirer Realisatioun.

3. **Wéi ass de generelle Feedback vun de soziale Bailleuren zu dësem Appel à projets an allgemeng zum Konzept Jugendwunnen?**

De Feedback vun de soziale Bailleuren an de soziale Promoteuren ass generell ganz positiv. Ronn 200 Participanten aus verschiddene Beräicher waren op der Konferenz vum 12. Februar 2025, am Kader vun där den Appel à projets lancéiert gouf, präsent. Op der uschléissender Informatiouns-Sessioun, bei där méi konkret Froe beäntwert goufen an déi de 26. Februar 2025 stattfonnt huet, ware 45 Vertrieder vun de

Gemengen a Gestionnairë präsent. Datt 11 Projeten an nëmmen 9 Méint era gereecht goufen, weist dass e groussen Interessi an och e grousse Besoin besteet.

Zousätzlech zu de Projeten, déi am Kader vum Appel à projets era koumen, si 14 Gemengen oder aner Acteure matt Iddie fir Projeten u béid Ministèren erugetrueden, déi elo nach konkretiséiert musse ginn.

4. **Nodeems déi éischt Phas elo ofgeschloss ass, gedenkt den Här Minister eng weider Phas ze lancéiere bei der sech d'Acteure kenne mellen? Eventuell och fir Acteure déi an der éischter Phas déi néideg Krittären net erfëllt hunn?**

Fir de Moment ass net ugeduecht, en neit Lancement ze maachen. Et gi weiderhin nei Projeten ugeholl an och d'Zesummenaarbecht tëscht den zwee Ministèrë gëtt permanent weider gefouert. Den Appel à projets huet op de Besoin opmierksam gemaach an den Acteuren um Terrain gewise wéi esou eng Kollaboratioun tëscht Promoteur a Bailleur, respektiv Logementsministère a Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend méiglech ass.

Déi weider Promotioun vum Dispositif "Jugendwunnen" gëtt vum Service national de la Jeunesse e.a. iwwert seng regional Korrespondente gemaach, déi am enke Kontakt mat de Gemengen an de Gestionnairë stinn. Iwwert de Summer ass eng Brochure "Jugendwunnen" ausgeschafft ginn, déi u potentiell sozial Promoteuren a Bailleuren verdeelt gëtt. Ausserdeem ass déi digital Versioun vun der Brochure op verschiddenen Sitten vum MENJE an um Site vum Syvicol publizéiert ginn.

Esou komme kontinuéierlech nei Projeten eran a ginn individuell begleet a weider gedriwwen.

5. **Wéi gedenkt den Här Minister méi kleng sozial Promoteuren oder lokal Acteure bei der Participatioun un esou Projeten z'ënnerstëtzen?**

Bei der Selektioun vu Projete maachen déi zwee Ministèrë keen Ënnerscheed ob et e groussen oder e klenge Promoteur ass. Fir déi Aarbecht vum Ausschaffen a Begleede vun engem Projet vun der Iddi bis zu senger Realisatioun ze ënnerstëtzen, wäert e Finanzement vun dëser Aarbecht erméiglecht ginn. Dëst wäert an den Amendementer vum Gesetz iwwert de logement abordable dem Regierungsrot proposéiert ginn.

De Ministère du Logement schreift net vir, ween d'Missioun vum soziale Bailleur bei engem neie Projet soll iwwerhuelen. D'Zesummenaarbecht tëschent Acteuren, déi scho lokal zesummeschaffen oder déi scho Kollaboratiounen an anere Beräicher hunn, gëtt ënnerstëtzt. Et ass wichteg dass de Projet vu béide Parteie gedroe gëtt am Sënn vum Erreeche vun den Objektiver déi uewe beschriwwe gi sinn.

6. **Erschléisst sech aus der Evaluatioun vun den agereechte Projeten datt et Regioune gëtt, déi bis ewell net genuch Offer am Beräich vum abordable Wunnraum – a speziell fir Jugendwunnen – opweisen?**

D'Demanden déi am Kader vun dësem Appel à projets erageschéckt gi sinn, verbreeden sech iwwert déi verschidde Regioune vum Land, esou wéi dat och bei deene besteeënde Logementer de Fall ass. Besonnesch do wou d'Bevëlkerung am dichtsten ass, ginn et och déi meeschte Wunnenge fir Jonker.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre





*Figure 1 - extrait brochure "Jugendwunnen", p.10*

Lëtzebuerg, den 20. November 2025

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch